PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 JAN. 2019
259

Lëtzebuerg, den 24/01/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Justiz weiderzeleeden.

Eltere mussen sech am Fall vun enger Scheedung gemeinsam em d'Ënnerhaltskäschte vun hire Kanner këmmeren. Wann eng Famill bis net méi zesummen an engem Menage wunnt, kann de Riichter decidéieren, datt een Elterendeel deem anere pro Mount e gewëssene Montant un Alimenter fir d'Kanner iwwerweise muss. Wéi héich dëse Montant muss sinn, bzw. wéi vill Prozent vum Salaire en ausmaache wäert, ass dobäi net gesetzlech gereegelt an ënnersteet eleng der Entscheedung vum Riichter. Gläichzäiteg gëtt et zu Lëtzebuerg och keng Orientéierungstabelle, déi ähnlech wéi déi däitsch 'Düsseldorfer Tabell' festhale géing, wéien Montant vun enger Persoun mat engem bestëmmte Salaire standardméisseg als Alimenter bezuelt sollt ginn. Ouni gesetzlech Reegelung an ouni aner Orientéierungshëllefen entsteet bei de Betraffenen opgrond vun ontransparente riichterlechen Entscheedungen esou oft eng gewëssen Onsécherheet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wisou gouf bei der Reform vun 2018 vum Scheedungsgesetz drop verzicht, konkret Reegelungen iwwert d'Berechnung vun den Alimenter festzehalen?
- Gesäit d'Regierung vir, eng Tabelle nom Modell vun der 'Düsseldorfer Tabell' als Orientéierungshëllef eraus ze ginn? Falls nee, firwat net?
- Huet den Här Minister Pläng fir der Magistratur aner Outilen un d'Hand ze ginn, fir fair an transparent Entscheedungen ze treffen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député